



**Här Fernand Etgen**  
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 19. Mee 2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educationnsminister weiderzeleeden.

Wéi d'Ëffentlechkeet den 18. Mee duerch zwee Pressecommuniqué vum „Comité de la Conférence“ vum „Lycée technique pour professions éducatives et sociales“ (LTPES) respektiv vun der „Association luxembourgeoise des éducateurs et éducatrices (ALEE) gewuer ginn ass, solle vun der Rentrée 2021/2022 u Schülerinnen a Schüler, déi op der Sektoun „Sciences Sociales“ (GSO) am „Enseignement secondaire général“ hire Premièresdiplom kruten, d'Méiglechkeet hunn, a just engem Schouljoer de Beruff vum Erzéier ze léieren. Hire spéideren „Diplôme d'État d'Éducateur“ entsprécht deem, deen och déi Schüler kréien, déi am Kader vun enger Ausbildung iwwer dräi Joer am LTPES hiren Ofschloss als Educateur maachen.

Ee vun de groussen Ënnerscheeder vun de sougenannten SO-Schüler, déi an engem Joer den Educateursberuff léieren, besteet doran, dass si nëmmen 11 Woche praktesche Stage maachen, während fir d'Schüler aus dem LTPES am Ganze 26 Woche Stage virgesi sinn. Doriwwer eraus gëtt et natierlech och Ënnerscheeder beim theoretesche Wëssen, dat op deene respektiven Ausbildungsweeër vermëttelt gëtt.

Den Här Educationnsminister gesäit an dësem neien Ausbildungswee och eng zousätzlech Méiglechkeet fir d'SO-Schüler mat engem Premièresdiplom. Sou kéinte si sech an Zukunft entweder zum Educateur ausbilde loossen oder sech fir en Héichschoul- oder Universitätsstudium aschreiwen.

An dësem Kontext wëilt ech folgend Froen un den Här Educationnsminister stellen :

- Huet den Här Minister eng qualitativ Evaluatioun vun der Formatioun op der Sektoun „Sciences sociales“ am „Enseignement secondaire général“ maache gelooss? Wa jo, wien huet déi Evaluatioun duerchgefouert an ausgewäert a wat ass dobäi erauskomm?
- Kann den Här Minister mech iwwer d'Resultater vun der Analys vun de Contenus vun der SO-Sektoun respektiv dem Ausbildungswee am LTPES informéieren, déi hien an der Chambersitzung vum 18. Mee ugeschwat hat, a mir déi komplett Dokumenter vun där Etude vum SCRIPT zoukomme loossen?
- Wat d'Admissioun vun den SO-Schüler fir d'Ausbildung zum Educateur ugeet, sot den Här Minister den 18. Mee an der Chamber, dass géif gepréift ginn, ob d'Kandidaten Aktivitéiten an deene Beräicher haten, an deenen d'Schüler vum LTPES Stage gemaach hunn. Wat bedeit dat konkret fir d'Admissioun respektiv d'Net-Admissioun vun deene jonke Leit?
- Kann den Här Minister mech driwwer informéieren, wéi vill Schüler mat engem SO-Premièresdiplom sech pro Joergang op enger Uni aschreiwen?

- A wéi engem Mooss hunn SO-Primaner Schwieeregkeeten, fir mat hirem Premièresdiplom op der Uni Lëtzebuerg ugeholl ze ginn? Wat ass de Grond fir d'Retizienz vun der Uni Lëtzebuerg bei der Admissioun vun SO-Primaner?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

A handwritten signature in black ink, consisting of several fluid, overlapping strokes that form a stylized representation of the name Martine Hansen.

Martine Hansen

Fraktiounspräsidentin

**Ad 1), 2) an 3)**

An den Zoustännegkeetsberäich vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend (MENJE) fällt souwuel d'Qualitéitskontroll an -entwécklung vun de sozialpedagogesche Servicer fir Kanner a Jugendlech, wéi och d'Ausbildung vun dem sozialpedagogesche Personal (ë. a. Educateuren).

De konstante Wuesstem vun eiser Populatioun an de staarken Ausbau vu Kannerservicer (Crèchen, Maison-relaisen) hunn an dësem Beräich vun der non-formaler Bildung fir Kanner zu engem Mangel un héich qualifiziertem sozialpedagogeschem Personal gefouert. Sou waren am Januar vum Joer 2010 26.038 Plazen a Crèchen a Maison-relaise fir Kanner vum Staat agreéiert. Am Januar 2020 waren et 51.476 Plazen; also praktesch eng Verdueblung vun dëser Offer bannent 10 Joer. Den Ausbau vu Strukturen nëmmen an dësem Beräich féiert laut interne Berechnunge vum MENJE zu der Schafung vun ongeféier 250 neie Vollzäitplaze fir Educateure pro Joer. De PraxisBüro vun der Universitéit (uni.lu) geet vun 801 fräien Aarbechtsplaze fir Educateuren am ganze Sozialberäich fir d'Joer 2019 aus.


Am Schouljoer 2018/2019 hunn 139 Studenten am Lycée technique pour professions éducatives et sociales (LTPES) hiert Ausbildungsjoer GED+ mat Erfolleg gepackt an hunn de staatlechen Diplom vum Educateur kritt.

Den Interessi bei de jonke Leit fir de soziale Beräich a sozial Beruffer ass grouss. D'Sektioun vun de "Sciences sociales" (GSO) ass déi Sektioun mat de meeschte Schüler am Regime vum Enseignement secondaire général. Am Schouljoer 2020/2021 waren 28 % (2.253 Schüler) vun der gesamter Schülerpopulatioun vun den ieweschte Klassen 4<sup>e</sup> – 1<sup>re</sup> (8.154 Schüler) op der GSO-Sektioun ageschriwwen. Am Schouljoer 2018/2019 hunn 339 Schüler hiren "Diplôme de fin d'études secondaires" (Bac 1GSO), also hir "Hochschulreife", kritt.

Ufank 2019 gouf en Aarbechtsgrupp am MENJE beoptraagt, Analysen iwwert d'Zesummespill vun der sozialpedagogescher Offer a vun de Schülerzuelen ze maachen an der Fro nozegoen, wéi den Ausbau vun enger qualitativ héichwärteger Ausbildung fir de sozialpedagogesche Beräich kéint ausgesinn. De Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques (SCRIPT) gouf mat der Analys vun den Ausbildungsprogrammer vun der Sektioun "Sciences sociales de l'enseignement secondaire général" GED (LTPES), GSO a GEA (École nationale pour adultes - ENAD) beoptraagt.

Et gëtt eng gewësse Proximitéit tëscht de Programmer an den Thematiken, déi an de Sektione GED, GSO a GEA behandelt ginn. Beim Verglach vun den Ausbildungsprogrammer ass awer net nëmme gekuckt ginn, wéi identesch déi jeeweileg Inhalter sinn, mee och wéi eng Methoden an Approchen de Schüler sech konnt während senger Ausbildung uneegnen. Den Diplôme de fin d'études secondaires beleet, datt de Schüler gutt equipéiert ass, fir weider Studie maachen ze kënnen.

Op dësem Hannergrond a mam Usprouch fir duerchlässeg Ausbildungsverleef am Sënn vum liewenslaange Léieren ze erméiglechen, ass de Pilotprojet entstan, fir de Studente mat "GSO-Bac" den Zougang an dat weiderféierend Studiejoer GED+ (LTPES) oder GEA+ (ENAD) ze erméiglechen:



Dëse Pilotprojet ass fir d'Schouljoer 2021/2022 virgesinn. Et gi maximal 46 Studenten opgehol: 23 bei dem LTPES an 23 bei der ENAD. Eng prozessbegleedend Evaluatioun vum Pilotprojet fänkt mam Ufank vum Pilotprojet un. Déi jeeweileg Conclusiounen esou wéi och weider Dokumentatiounen zum Pilotprojet gi public gemaach.

Un dem Evaluatiounsprozess wäerten déi concernéiert Acteuren aus de Schoulen, awer och Verrieder vu Gewerkschaften a Wëssenschaftler deelhuelen. Dëse Prozess ass oppen, wat d'Conclusiounen ubelaangt. D'Evaluatioun soll weisen, ënner wéi enge Bedingungen e Schüler vun enger GSO mat zousätzlechen Erfarungen am edukative Beräich de Sprong op eng GED+ packe kann.

De MENJE verschléisst sech net, fir an Zukunft eventuell Adaptatiounen un der GSO virzehuelen oder zousätzlech Modullen unzebidden, fir Schüler, déi consideréieren, fir op eng GED+ wëllen ze wiesselen.

Dës an aner Piste sollen am Kader vun dem Pilotprojet evaluéiert ginn, an an en definitiven Dispositif mat afléissen.

Wat d'Analysen an d'Evaluatioun vum SCRIPT ubelaangt, steet de MENJE bereet, fir dës der Chamberkommissioun ze ënnerbreeden a virzestellen.

De MENJE ass dobäi, online Materialien entwéckelen ze loossen an och eng Offer vu Stageplazen ze etabléieren, unhand vun deenen d'Schüler sech kënne beschtméiglech virbereeden, fir hire Studium op der GED+ oder GEA+ unzegoen. Bei der Opnam an de Pilotprojet, déi vun den Direktiounen an de jeeweilege Schoulen (LTPES, ENAD) gemaach gëtt, ginn déi Schüler mat praktescher Erfahrung prioritär geholl.

#### Ad 4)

Dës Informatioun kann ech der honorabeler Deputéiert leider net zoukomme loossen, well d'Base de données vun de Studiebahillefen net opschlésselt, vu wéi enger Sektoun d'Studente kommen, déi sech op enger Universitéit aschreiwten.

#### Ad 5)

D'Admissioun vun de Studente fält ënnert d'Autonomie vun der Universitéit. Fir vill Studiegäng ass d'Unzuel vun de Studenten, déi ugehol ginn, limitéiert. An deene Fäll ass eng kloer Admissiounsprozedur definéiert, sou wéi den Artikel 34 vum Unisgesetz et virgesäit (*Loi modifiée du 27 juin 2018 ayant pour objet l'organisation de l'Université du Luxembourg*). Et ass net esou, datt d'Universitéit "retizent" wier, Leit vun enger bestëmmter Sektoun, wéi zum Beispill der SO-Sektoun,

unzehuelen. Natierlech ginn et awer Programmer, besonnesch am Beräich vun de Sciences naturelles oder der Medezin, wou et vu Virdeel ass, gewësse Sektionen am Lycée absolvéiert ze hunn, a wou d’Kandidate vun deene Sektionen déi beschte Chancen hunn, sech “en rang utile” ze klasséieren.